ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

An engem Wort-Artikel vum 12. Juli heescht et, datt déi strategesch Ëmweltprüfung (SUP) dovun ausgeet, datt fir de Projet Google mat enger Bauzäit vu fënnef bis zéng Joer ze rechnen ass an dat iwwerdeems ronn 1000 Aarbechter dofir beschäftegt musse ginn.

Weider heescht et vun der strategescher Ëmweltpréiwung, datt d'Zuel vun den zukünftege Beschäftegte vu Google misst ofgeschätzt ginn an datt een aktuell vun engem Wäert tëscht 250 an 8000 Beschäftegten ausgeet.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Kann den Här Minister déi Zuel vu ronn 1000 Aarbechter fir de Bau vum Datenzenter confirméieren? Wa jo, wat sinn d'Grënn fir déi horrend Zuel un Aarbechtskräften?
2. Kann den Här Minister confirméieren, datt een aktuell vun engem Wäert tëscht 250 an 8000 Beschäftegte fir Google ausgeet? Wa jo, wéi ass et ze erklären, datt beim Aschätze vun der Unzuel vun den zukünftege Beschäftegten eng därmoosse grouss Schwankung besteet? Wat sinn déi genee Grënn, firwat déi Aschätzung esou onprezis ausfält?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten